D'Feelener Musek ass eng Fanfare, dat ass eng Formatioun vu Blossorchester déi virun allem an Holland, Frankräich, der Belge an zu Lëtzebuerg verbreet ass. Den Ennerscheid zu enger Harmonie ass, datt eng Fanfare aus Blechblasinstrumenter, Holzblasinstrumenter (Saxophon a Flöte) an aus Percussioun besteet. Typesch si virun allem vill Bugelen.

Am Allgemenge sinn eis Regëster gutt besat mee all Verstärkung an eise Reien ass wëllkomm.

### Ween ass Responsabel fir den Ënnerhalt vum Material?



1989



1996

All Musikant kritt no Méiglechkeet een Instrument vun der Musek zur Verfügung gestallt. Hien ass dann och responsabel fir de normalen Entretien vum Instrument. De Veräin bleift Propriétaire vum Instrument an iwwerhëlt d'Revisiounen a Reparaturen. Ëmmer méi Musikante kafe sech am Laf vun der Zäit een eegent Instrument.

### Dir sidd jo un d'UGDA geglidert. Wat fir Pflichten a Rechter bréngt dat mat sech?

All Veräin deen bei der UGDA affiliéiert ass, cotiséiert fir seng Memberen.

Als Géigeleeschtung sinn eis Memberen bei all Aktivitéit vun der Musek verséichert an et funktionnéiert och eng "Mutuelle" ënnert der UGDA wou mer de 25. Januar 1970 an der Generalversammlung a Präsenz vun 48 Veräiner als Grënnungsmitglied opgeholl gi sinn. All Joer gi verschidde Musikanten am Kader vun eiser Caecilienfeier mat enger UGDA's Medaille ausgezeechent. Och kënnen mir un den Concoursen an aneren Manifestatiounen deelhuefen déi vun der UGDA organiséiert ginn.

### Wéi eng finanziell Ausgaben huet d'Musek?

Eis gréisst Ausgaben sinn de Kaf an den Entretien vun eisen Instrumenter, eis Partituren an eis Uniformen. Mir si frou dat mer ëmmer edel an trei Spender fir Partituren a nei Instrumenter hunn.



Mir brauche natierlech och e gudden Dirigent dee muss bezuelt ginn.

Fir eis Memberen organiséieren mir all Joer e Grillfest an eis Caecilienfeier an all puer Joer e klengen Ausfluch.

### *Wéi eng Recetten huet den Veräin?*

Fir eis Kees ze fëllen hu mir verschidden Aktivitéiten am Laf vum Joer wéi z.B. den Hämelsmarsch, eist Musekfest am Oktober, eist Fëschfest, de Verlaf vum den Eirememberskaarten an den Theater.

Bei eisem musikaleschen Highlight, dem Gala Concert, ass den Entrée fräi.

E ganz grouse Merci soe mir eiser Gemeng fir hier finanziell Ennerstëtzung.

### *Wéi gesäit d'Ausbildung vun engem Musikant haut aus a wéi gëtt mam Conservatoire an der Museksschoul zesumme geschafft?*

D'Kanner aus dem Cycle 2.1. kënnen an der Initiation à la musique ufänken, dono geet et weider mam Préparatoire - Solfège. No dësen 2 Joer gi si dann op Ettelbréck an de Conservatoire a maachen do de Solfège weider a fänken dann och un een Instrument ze léieren. Di Kanner déi sech een Instrument raussichen, dat an der Feelener Musek gespillt gëtt, kréien dëst no Méiglechkeet vun der Musek zur Verfügung gestallt.

Voraussetzung fir een Instrument ze léieren, ass op mannst de Préparatoire-Solfège gemaach ze hunn.

Wann d'Kand op mannst ee Joer zu Ettelbréck amgang ass säin Instrument ze léieren, gëtt hatt vun der Feelener Musek invitéiert an de Jugendensembel ze kommen. Hei komme na-

tiirlech just déi Instrumenter a Fro, déi et och zu Feelen an der Musek gëtt: Blechblasinstrumenter, Flütt, Saxophon a Percussioun.

Wann een dann zu Ettelbréck séng 3 Joer Solfège mat Erfolleg ofgeschloss huet, kann een dat Joer drop an der "grousser" Feelener Musek ufänken. Och hei ginn di concernéiert Kanner vum Veräin ugeschriwwen.

Den Musekskurs, deen zu Feelen iwwer d'UGDA's Musekschoul ugebueden gëtt ass ëmmer Donnesdes tëscht 14 a 16 Auer am Museksall. D'Inscriptiounen ginn am Juli un déi Kanner ausgedeelt, déi am Hierscht an den Cycle 2.1. an 2.2. kommen.

De Jugendensembel fänkt am Hierscht just am klenge Grupp un, fir d'Ufänger lues a lues un d'Zesummespill ze winnen. Ab Januar kommen dann déi méi grouss Musikanten dobäi, sou dat mer eis optimal op eisen groussen Optrëtt um Gala-Concert vun der Feelener Musek kënnen préparéieren, deen ëmmer am Mäerz ass. Dono lafen d'Prouwen nach bis an de Juni weider, well mer dann nach Optrëtter zum Beispill um Gaardfest vum Feelener Gesank hunn oder op der Auditioun am Museksall.

Ween heizou weider Renseignemeter wëll, kann sech gär bei eisem Sous-Chef dem Sandy de Marie-Schaltz um Tel. 621 19 06 58 melden.

### *Ween kann ee kontaktéieren fir Member ze ginn?*

Jiddwereen dee wëll Member ginn, op jonk oder méi al, ka sech bei eisem Sekretariat iwwer E-Mail [secretaire@fanfarefeelen.lu](mailto:secretaire@fanfarefeelen.lu) oder Telefon um 621 751574 (Josiane Schumacher) mellen.

Dir kënnt natierlech och all Member vun eisem Veräin uschwätzen.

Weider Informatiounen fannt Dir op eiser Internetsäit: [www.fanfarefeelen.lu](http://www.fanfarefeelen.lu)

### *Wat ass äre Message un d'Bierger vun der Gemeng?*

Eis Musek ass e villsäitegen Veräin an deem all Altersgrupp vertrueden ass an dee sech op verschidden Niveauen um Duerfliewen bedeelegt. Mir wieren dofir frou, wann eis Manifestatiounen vun den Duerfleit gutt besicht wieren. Dëst géif d'Motivatioun vun eise Musikanten natierlech nach steigern.

Mir freeën eis och iwwer all neie Member deen eisem Veräin bäitritt an mir ginn ganz gären all Informatiounen un interesséiert Leit weider.

### *Eng läscht Fro. Wat fir een Wunsch huet d'Feelener Musek?*

Mir hoffen natierlech dass mir déi méi wei 100 Joer Geschicht vum Veräin nach laang weider schreiwe kënnen. Dëst ass méiglech wann mir weider jonk Leit fir den Veräin fannen. Een aneren Aspekt ass dass mir déi gutt Ambiance déi mir am Veräin hunn weider behalen. Dorun an dofir schaffe mir.

Merci fir déi interessant Ablécker an äre Veräin an nach vill Succès fir d'Zukunft!

De Comité vun der Feelener Musek  
an de Pol Koetz

[www.fanfarefeelen.lu](http://www.fanfarefeelen.lu)



## WÊI GESÄIT DE MANIFESTATIOUNS- KALENNER 2016 AUS?

20. an 21. Februar  
**PROUFWEEKEND  
ZU HOUSEN**

19. Mäerz  
**GALACONCERT  
AN DER SPORTSHAL**

25. Mäerz  
**KARFREIDEG FËSCHFEST  
AM MUSEKSSALL**

5. Juni  
**SUMMERCONCERT ZU  
ETTELBRÉCK OP DER  
KIERCHEPLATZ**

22. Juni  
**FAKELZUCH FIR  
NATIONALFEIERDAG**

25. Juni  
**HÄMMELSMARSCH A  
CONCERT ZU UEWERFEELLEN**

9. Juli  
**DUERFFEST ZU HEESCHDREF**

30. Juli  
**HÄMMELSMARSCH ZU  
WELSCHENT**

31. Juli  
**KIERMESCONCERT ZU  
WELSCHENT**

20. August  
**HÄMMELSMARSCH A  
CONCERT ZU NIDDERFEELLEN**

1. Oktober  
**MUSEKSFEST AM HENNESBAU**

November  
**JOURNÉE COMMÉMORATIVE  
A CAECILIENDAG**

26/27 November  
**THEATER AM HENNESBAU**

4. Dezember  
**KLEESCHEN AN  
DER SPORTSHAL**

3/4. Dezember  
**THEATER AM HENNESBAU**

# BICHER DÉI OP DER GEMENG VERKAAFT GINN



## Feelen geschter an haut

Eng Foto-Dokumentatioun als bleiwend Erënnerung  
un d'Ausstellung "Feelen geschter an haut"


Erausginn vun der Gemeng Feelen ënnert der Mat-  
wierkung a Réalisatioun vun der Kulturkommissioun

Präis: 10,00 €



## Fanfare Feulen 75° anniversaire 1902-1977

Präis: 10,00 €



## Feulen vergisst seine Kriegsoffer nicht

Der zweite Weltkrieg in der Zusammenfassung

Vum Paul Heinrich

Präis: 35,00 €




## 30 Joer Feelener Chorale Sainte-Cécile 1977-2007

Editeur: Comité d'organisation

"30° anniversaire Chorale Sainte-Cécile Feulen"

Präis: 10,00 €



## Feelener Musek 1902-2002

Editeur: Organisationscomité

"100 Joer Feelener Musek"

Präis: 10,00 €




## Vergessen ist Verrat an den Opfern

Kriegsgeschehnisse in Mertzig und Umgegend

Vum Paul Heinrich

Präis: 45,00 €



## 100 Joer Nidderfeelener Kierch 1897 - 1997

Editeur: Gemeng Feelen

Präis: 10,00 €



## de Grof Siegrid an d'Melusina

vum Lex Roth

Éditions revue s.a.

Präis: 20,00 €



## Die 17 Refraktäre vom Mathgeshaff

Die Wehrkraftersetzende Gelbsucht

Vum Paul Heinrich

Präis: 38,00 €

# ERFOLLEGRÄICH KRÄPPENAUSSTELLUNG VUM "KOLPING FEELEN"

Vum 6. – 13. Dezember 2015 war eng Kräppenausstellung am Musée vum Hennesbau zu Nidderfeelen organiséiert vum "Kolping Feelen". Net manner wéi 33 Exponaten hunn deelgeholl an sech och engem Concours gestallt. Während der ganzer Woch konnten och d'Leit, all Dag nomëttes, des Ausstellung kucken a bewonnere kommen. Eng neutral Jury huet d'Wierker, déi a 4 verschiddene Kategorien ageedeelt waren, ënnert Lupp geholl a Punkte verdeelt. Déi 4 Kategorien waren: Jeunes – 12 ans, Groupes, Adultes-Moderne an Adultes-Classique, wou all Kéier déi 3 éischt Geldpräisser kritt hunn, déi vu 4 Sponsoren zur Verfügung gestallt goufen. D'Gewënner an deene verschiddene Kategorien waren:



## *Jeunes-12 Ans:*

1. Schroeder Manon, Helmsange
2. Muller Joshua, Niederfeulen
3. Möller Jacky, Ettelbruck



## *Adultes-Moderne:*

1. Wagner Ed., Niederfeulen
2. Berchem-Lefort Jeanne, Grevels,
3. Keiser-Jedrysiak Nicole, Mertzig



## *Groupes:*

1. Bibelkreativ, Medernach
2. Atelier Protégé Op der Schock, Redange/Attert
3. Blannevereenegung, Rolleng/Mersch



## *Adultes-Classique:*

1. Hoffmann Pascal & Hirlimann Annick, Asselborn
2. Linden Pol, Tuntange
3. Ex-aequo: Heinrich Luc, Ettelbruck & Zigrand Remy, Perlé

Den Ofschloss vun der Kräppenausstellung huet den 13. Dezember ee Chrëschtmaart gemeet. Nom Apéro gouf um 12 Auer een Mëttegeessen am Festsall zerwéiert, wou d'Zaloten an Dessert'en vun den Kolpings-Dammen präparéiert goufen. Eng Kaffisstuff an Tombola huet den Nomëtten iwwerbréckt, éier um 17 Auer d'Präisverdeelung stattfonnt huet. De President Fons Schmitz huet de Kënschtler an den Sponsoren Villmools Merci gesot fir d'Matmaachen an op d'Kräppenausstellung 2016 higewisen, déi vum 11. – 18. Dezember am Hennesbau zu Nidderfeelen stattfënnt, mat um 18. Dezember de Chrëschtmaart, deen 2016 fir d'40. Kéier organiséiert gëtt.

Een deen dëst Joer wëll matmaachen, kann Renseignement an d'Reglement beim Kolping Feelen op freichel@pt.lu ufroen.

# HIERSCHTFEST VUN DE POMPJEEËN FEELN



**D**en 18. Oktober 2015 hunn d'Pompjeeën vu Feelen op hirt traditionellt Hierschtfest am Pompjeesbau invitéiert. Et hunn dann och vill Leit de Wee an den Bau fonnt. Den éischte Menu war eng Schwengshax an als Alternativ gouf et gutt Geschnetzelt.

Bei engem gudden Dessert oder Patt konnt een dann de Mëtteg ausklénge loossen. Vill vun de Memberen hunn duerfir gesuergt dass den Service beschtens funktionéiert huet.



# GEMEINSCHAFTSÜBUNG POMPJEEËN FEELEN A MÄERZEG



**W**éi all Joer hunn eis Pompjeeën och dëst Joer erëm eng gemeinsam Übung mat engem Corps aus enger Nopeschgemeng ofgehalen. Dëst Joer war et zesummen mat den Kollege vu Mäerzeg. Et ass ëmmer wichteg dass de nogestaltene Szenario no bei engem méiglechen Incident ass. Duerfir gouf dëst Joer eng Gasexplosioun an enger Déifgarage simuléiert bei där et zu enger décker Dampentwécklung koum a wou och eng Parti Leit verletzt goufen. D'Pompjeeë si mat schwéierem Otemschtz ugeréckt. Beliichtungsmasten hu missten opgeriicht ginn an Hiewkëssen koumen zum Asaz fir een ageklemmten Aarbechter ënner engem Auto ze befreien. Déi verletzte Persoun goufe mat Brëtschen aus dem Gebai evakuéiert. D'Kollege vu Mäerzeg hu sech ëm d'Ofschieerme vum Gebai an dem Ëmfeld bekëmmert.

No der Übung hunn déi 2 Buergermeeschteren, de Fernand Mergen an de Claude Staudt, souwéi den Hausbesëtzer Eric Fontaine den Asazkräften villmools Merci gesot an d'Wichtegkeet vun esou enger Gemeinschaftsübung ënnerstrach.

# CAECILIENDAG 2015

## CHORALE FEELLEN



**A**m November huet d'Chorale Feelen seng Patrënesch, d'Helleg Caecilia gefeiert. An deem Kader goufen och eenzel Memberen fir hir laangjäreg Trei zum Veräin ausgezechent. D'Insigne de mérite (5 Joer) kruten d'Caroline Plekkepoel-Schuette an d'Anne Pletschette iwwerreecht. D'Jaqueline Schreiner krut d'Medaille en bronze (10 Joer). D'Léonie Lanners-Kaufmann an de Gary Schintgen sange schonns zënter 30 Joer am Veräin. Si goufen matt der Medaille en or dekoréiert. De Vertrieeder vum Piusverband, de John Dusseldorf an d'Presidentin Marianne Hentges-Audry hunn deene Geéierte gratuléiert a si fir hiren Asaatz gelueft. Och all déi aner Sänger a Sängerinnen vu Feelen a Mäerzeg kruten e grouse Merci fir hirt Engagement.

## FEELENER MUSEK: UGDA AUSZEEHNUNGEN

**A**m Kader vun der Caecilienfeier goufen déi folgend Museker mat der UGDA Medail geéiert:

### *5 Joer Jugendofzeechen:*

Eric Tock, Jenny Philippe, Raphaël Hoscheid, Pol Besenius, Lisa Bindels, Gianluca Ciaccia, Kayla Degrand an Liz André

### *Bronzemedail fir 10 Joer:*

Mike Schartz, Charel Kettel, Alain Goerens, Jenny Habets an Dina Jesus Ferreira

### *"Médaille en vermeil" fir 30 Joer:*

Michel Berns

### *"Médaille en vermeil avec palmettes"*

#### *fir 40 Joer:*

Jean-Paul Piret

### *"Médaille en vermeil Grand Duc Adolphe"*

#### *fir 50 Joer:*

Emile Koch



Den UGDA Vizepresident Robert Köller huet d'Gléckwënsch vum Verband iwwerbruecht.

De Jean-Marie Bormann huet all de Musikante Merci gesot fir hirt Engagement am Laf vum Joer.

Déi ganz Feier gouf mat engem gudden lessen ofgeschloss.

# GENERALVERSAMMLUNG "DÉI JONK VU GËSCHTER FEELEN"



Comité

**O**bschonn Memberszuel mat 205 relativ stabil bliwwen ass, huet Presidentin Mme Vivianne Reinartz-Krack mat Bedauern misse feststellen dass "Portes ouvertes" all éischten an drëften Donneschdeg vum Mount manner gutt besicht wäeren. Leider koumen keng Virschléi wat een an der Zukunft änneren kéint fir dëst ze verbesseren.

D'Sekretärin, Mme Marianne Welter-Heintzen konnt vun 22 "Portes Ouvertes" an vun 13 aneren Aktivitéiten am Laf vum leschten Joer berichten.

## Den Programm vir 2016 gesäit sou aus:

5. Abrëll	Revue
25 Abrëll	Floralien zu Gent
23-26 Mee	Ausflug an den Elsass

## Den aktuelle Comité setzt sech zesummen aus:

Presidentin:	Vivianne Reinartz-Krack
Sekretärin:	Marianne Welter-Heintzen
Caissier:	Marcelle Rodesch-Schwartz
Memberen:	Léa Busto-Wingert
	Laure Jedrysiak-Wantz
	Loni Reding-Gillen
	Christiane Reiser-Link
	Sylvie Schank
	Camille Braun
	Georges Fellens
	Aloyse Ottelé

De Buergermeeschter huet den Responsabelen de Merci vun der Gemeng ausgeschwat fir déi gutt Aarbecht am Interesse vum 3. Alter an der Gemeng.

## "PORTES OUVERTES"

All éischten an drëften Donneschden am Mount an der aaler Schoul zu Uewerfeelen (Place de la Chapelle).

Keelemëtteg vun 14.00-17.00 Auer am Café am Duerf "Beim Leo"

Donneschdes 30.06 / 14.07 / 28.07.2016

Déi Jonk vu gëschter freeën sech iwwer Äere Besuch.

# RÉCKBLÉCK AN D'ZUKUNFT MAM CABARENERT

| 23.1.2016 |



**V**irun engem ausverkaafte Sall haten di 4 Acteuren, Monique Melsen, Marcel Heintz, Al Ginter a Karin Seywert vum Cabarenert ee ganz gespannte Publikum am Hennesbau sëtzen. Dëse gouf gläich an d'Joer 2023 entfouert an et gouf e Réckbléck op di vergangen 10 Joer gehäit waat dann deelweis fir eis jo e Bléck an der Zukunft war.

Op der Bühn eng eidel aal Kierch als Hannergrond. As d'Kierch nach am Duerf? Waat seet de Bëschof dozou? Waat as aus eise Politiker a Promi'en ginn? Mat ganz vill Talent sinn di eenzel Schauspieler a verschidde Rollen opgetrueden an hunn eis nees de Spigel duergehaalen. Mat Gesank (Musek vum Camille Nanquette a Jeff Schmidt) a flotte Kostümer (Sylvie Hamus a Cristina Kneip) goufen di

eenzel Sketcher ouni soss vill Bühnenelementer virgedroen an hunn duerch hir Texter erfirgestach. Mol war et méi nodenklech, mol méi fir ze laachen.

Wann d'Monique als Lea Linster Madeleinen am Publikum verdeelt, an dann och nach séng neiste Baakcréatiounen (Luxbond mam Nuebel vun der Welt, Gëllene Boxemännchen) virstellt, dann deet dat richteg gudd fir ze laachen. Mee och aner dichteg Leit waren deen Owend op der Bühn,

De Vulle Gast, d'Lydie Polfer, de Bëschof Hollerich, d'Astrid Lulling, den Heng an d'Tréis, de Renert a nach vill aner waren op Feelen komm an hunn aus hirem Liewen oder vun hire Suergen erzielt....

Invitéiert op dee flotten Owend hat d'Kulturkommissioun Feelen zesumme mam Spuerveräin déi d'Leit kulinaresch mat engem Kéis-teller a passendem Gedränk verwinnert hunn.

Ween elo keng Plazt méi am Hennesbau krut oder sech de ganze Programm nach eng Kéier gären ukuckt kann op [www.cabarenert.lu](http://www.cabarenert.lu) eng DVD bestellen oder och soss Informatiounen zum Cabarenert fannen.



# LOVE IS IN THE AIR CONCERT

| 6.3.2016 |



**D**'Chorale Ste Cécile Feelen a Mäerzeg an d'Chorale Gemeng Wahl, souwéi nach eenzel Stëmmen als Verstärkung vu Nopeschgemengen hunn am März op engem gemeinsame Concert zu Feelen am Hennes-

bau e ganz flotten Owend präsentiert. Énnert der Direktioun vum Sylvie Schartz-Kips mat Begleedung um Piano vum Caroline Plekkepoel-Schütte konnt een deen Owend e ganz erfrëschende Klang vun eiser Chorale erliewen.

Fréijorsgefiller hu si an engem ganz gefällege Programm mat Lidder rondrëm d'Léift zum Ausdrock bruecht a vill Leit am Publikum ware vun der Leeschtung vun de Sänger a Sängerinne ganz positiv iwwerrascht.



Um Programm stunge ganz bekannte Stécker vu fréier an haut, méi klassesch oder modern, Melodien aus Musicals oder aal lëtzebuerger Lidder, do war fir jiddwereen eppes dobei.



Opgelockert mat ganz flotten Texter, Gedichter a kleng Sketcher iwwer d'Léift hunn d'Marianne Hentges an de Felix Dengler d'Presentatioun tëscht de Lidder gekonnt moderéiert an et war e Genoss fir baal vergiessen Texter erëm ze héieren, wéi z.B. "Vun ënnen an uewen".



D'Soliste vum Owend: de Felix Dengler, Sylvie Schartz-Kips an den Aly Kuffer hu mat hiren Op-trëtter sech mol virum Publikum gewisen a nët wéi soss vun hannen aus der Kierch oder vum Duxall gesongen. Hei war niewt dem Gesang och nach schauspielerecht Talent gefroot wat si ganz gudd gemeeschtert hunn.

No der Paus war et och eng Iwwerraschung fir d'Hochzäit an der Kathedral vum Auguste Liesch gespillt ze kréien. Mat Kierchestill, passende Kleeder, schicken Hitt a Poschen gouf ganz schlagfärdeg de bekannte Sketch vu Memberen aus deenen zwou Choralen opgefouert a mat vill Applaus vum Publikum belount.



Déi vill Arbecht a Prouwen ënnert der Direktioun vum Sylvie Schartz-Kips haate sech gelount. Wéi e roude Fuedem huet och d'Spill vum Caroline Plekkepoel-Schütte um Piano d'Chorale de ganzen Owend excellent begleet.

Een hærzlechen Owend wou alles gepasst huet vum Gesank bis iwwer d'Moderatioun, passender Dekoratioun, alles mat vill Léift an Hærz zesummegeallt.



Ofgeschloss gouf nom musekaleschen Deel den Owend mat enger Hameschmier, engem gudde Pättchen a flotter Gesellegkeet.



# GALACONCERT FANFARE FEELLEN

19.3.2016



**U**gefangen huet de Galaconcert vun der Feelener Musek mam Jugendensemble ënnert der Leedung vum Sandy de Marie-Schaltz. Ganz erfrëscht huet sech den Ensemble mat zwee flotte Stécker gewisen. Rhythmesch war "Ghots, Goblins an Witches" net einfach ze spillen an d'Kanner op der Perkussioun goufe besonnesch gefuerdert.





Virun engem flotten Dekor, enger Skyline by night, huet sech an alle Faarwen uschleissend d'Fanfare Feelen presentéiert. Ennert der Leedung vum Patrick Wilhelm stoungen usprochsvoll Stécker um Programm. Eenzel Soliste si bei verschiddene Stécker ganz positiv opgefall an hunn de ganze Concert ofwiesslungsräich gemaach. Méi düster war d'Musek bei "Legend of a Mountain" wou souguer een Donnerwieder ze héiere war.

Am zweeten Deel no der Paus konnt de Publikum sech u bekannte Melodien vun der "West Side Story" erfreeën, déi den Dirigent Patrick Wilhelm fir d'Feelener Musek arrangéiert hat. Déi vill Aarbecht a wochelang Prouwen hunn sech nees eng Kéier als richtig erweisen an d'Musek gouf mat vill Applaus vum Publikum belount.

Fir d'Moderatioun vum Owend war de Frazer Alexander zoustänneg deen op séng eegen Art a Weis duerch de Programm gefouert huet.

Vum Marcel an Irène Thill-Mersch, déi ee weidert Instrument fir d'Feelener Musek gestëft hunn, konnt dëst Joer d'Marthe Kemp ee Xylofon an Empfang huelen.

Oftgeschloss gouf de Concert mat Zugaben an engem Patt offréiert vun der Gemeng Feelen.

# ERSTES REGIONALES SENIORENKONVENT NORDSTAD



**L**ipperscheid: Am Samstag, den 27. Februar 2016 lud der Club Senior Nordstad die Vorstandsmitglieder von 8 lokalen Seniorenvereinen:

- Amicale fir den 3. Alter Diekirch a.s.b.l.
- Amiperas Ettelbréck
- Turelbacher Senioren Mertzig
- Bettendorfer und Gilsdorfer Senioren
- Déi Jonk vu geschter Feelen a.s.b.l.
- Frënn vum 3. Alter Schieren a.s.b.l.
- Senioreclub Gemeng Buurschent a.s.b.l.
- Senioreclub 2006 a.s.b.l. Colmar-Berg

sowie die politischen Vertreter aus den 9 Trägergemeinden des Club Senior Nordstad: Bourscheid, Bettendorf, Colmar-Berg, Diekirch,

Erpeldange an der Sauer, Ettelbruck, Mertzig, Feulen und Schieren, zum ersten regionalen Seniorenkongress Nordstad ein.

Im Beisein von Familienministerin Corinne Cahen, die in ihrer Begrüßungsansprache auf die Themen: Prävention von sozialer Isolation, Förderung vom Benevolat und Einbindung ausländischer Senioren einging, konnten die Vorstandsmitglieder der lokalen Seniorenvereine den Nachmittag zum gegenseitigen Kennenlernen und Austausch von Erfahrungen nutzen. Ausgewertet wurden die Resultate der Diskussionsrunden durch Prof. Dr. Dieter Ferring von der Universität Luxembourg, der zusammen mit einer Mitarbeiterin direkt an Ort und Stelle erste Ergebnisse präsentieren konnte.

Entwickelt wurde die Idee des Seniorenkongresses auf europäischem Niveau während einer 2 jährigen Grundtvig Lernpartnerschaft mit den Ländern: Belgien, Lettland, Italien, Spanien, Türkei, Portugal, Polen, Zypern und Luxemburg.

In einer entspannten Atmosphäre, geprägt von gegenseitiger Akzeptanz und Wertschätzung, verbrachten alle Beteiligten einen lehrreichen Nachmittag, der laut Professor Dr. Dieter Ferring Modellcharakter für weitere regionale Seniorenkongresse haben könnte.

Redaktion: Club Senior Nordstad

Bilder des Tages von Ch.Reiser unter folgendem Link:  
<https://goo.gl/photos/YyEq6pVbj2R2aeGCA>



# GENERALVERSAMMLUNG VUM KOLPING FEELEN

## 10.000 € fir 2 Kllassesäll fir d'Schoul "Ecole de Bertin" op Haiti

**V**iru Kuerzem war d'Generalversammlung vum Kolping Feelen am Kolpingshaus zu Uewerfeelen. Um Ufank ass eng Gedenkminutt ofgehele ginn fir all Verstuerwen aus der Kolpingsfamill oder engem Familljemember. Besonnesch gouf un de Gast. Koch, ee Feelener Jong, erënnert, deen eis am August 2015 fir ëmmer verlooss huet.

A senger Begréissung huet de President Fons Schmitz der Gemeng Merci gesot, vertrauden duerch de Buergermeeschter Fernand Mergen, senger Schäffen Alain Hansen an Dan Wilmes, souwéi aus dem Gemengerot dem Christianne Mergen, fir déi finanziell a moralesch Ënnerstëtzung am vergaangene Joer. Verschidden Aarbechte goufe realiséiert 2015, ë.a. d'Restauration vum der Grotte bei der Pompejesschoul. Och d'Gemengesekretariat an d'Gemengenaarbechter goufen net vergiess fir déi wertvoll Hëllef am Laaf vum Joer. Der Nationalpresidentin vu Kolping Lëtzebuerg Marie-Jeanne Brauch-Klein, an och dem Andrée Peiffer als Vertrieederin vum Zentrum gouf Merci gesot fir déi immens vill Aarbecht mat de Kolpingsprojet'en an déi gutt Zesummenaarbecht vum deenen 2 Lëtzeburger Kolpingsfamillen. Dem Paschtouer Maurice Péporté an dem Sekretariat vum Porverband Ettelbréck ee grouse Merci fir hiert Entgéintkomme bei der Mass vum Kolpinggedenkdag an d'Publikatiounen am Porbréif. D'Marie-Jeanne an d'Marianne haten, als Ersatz vum der Priedegt, eng Power-Point-Show realiséiert, wou d'Schaffen an d'Wierke vu Kolping Lëtzebuerg de Lait méi nobruecht gouf. Nët vergiess goufen d'Sponsoren, d'Nordlicht-TV, souwéi verschidde benevol Akteuren, déi hire Baitrag geleescht hunn bei eiser Krëppenausstellung.

D'läscht Joer war och Vandalismus bei der Verluedepiaz vum eise Containerkleedersammlungen ze verzechnen, a wou souguer eng ganz Ladung vun 9 Tonnen huet missen nei an Tute verpaakt an ëmgeluede ginn, verbonne mat enger Plainte bei der Police. Och an engem Wocheblad gouf ganz vill Negatives, géint Kolping Lëtzebuerg an hire Partner, d'Jongenheem, verbreed, wou d'Aarbecht vum Benevolat an ee falscht Liicht gesat gouf.

Devise vu Kolping Lëtzebuerg ass: Am Dénsgsch vum Nächsten, an deene Mannerbemëttelten ënnert d'Ärem gräifen. Erfreelech ass awer ze bemierken datt bei eiser Kleedersammlung am September, souwéi och an eise Container, positiv Resultater ze vermierke waren. Am Oktober ware mir, mat eise Frënn vum Kolping-Zentrum a Membere vum Jongenheem, op Dordrecht an Holland eent Zortéierwierk besichen, wou mir gesinn hunn, wat geschitt, wa mir d'Kleeder bis ofgeliwwert hunn. Den Héichpunkt vun all Joer ass awer d'Krëppenausstellung am Dezember, wou mat 34 Ausstellungsstécker den Erfolleg grouss war. All Joer gëtt mam Erléis vum Chrëschtmaart an engem Deel aus der Keess eng Organisatioun ënnerstëtzt. 10.000 € goufen un ee Projet fir eng Schoul, d'Ecole de Bertin, op Haiti iwwerwisen, wou 2 Kllassesäll kënnen amenagéiert ginn, mam Numm vum Kolping Feelen.

Seng Membere vu Feelen huet de President awer net vergiess, déi am Laf vum Joer am Dénsgsch vum Nächsten ënnerwee sinn a schaffen. Bei déi vill Aktivitéite kënn dann nach d'Kollekt vum der Containerwuer derbäi, wou iwwer d'Joer 52 mol Dënschdes a 26 mol Mëttwochs d'Container op Plazen am Norden eidel gemaach ginn. Hinnen all ee grouse Bravo mat der Opfuerderung op deem ageschloene Wee virun ze fueren.

D'Jeanny Berns-Ries huet de Rapport vum der Keess presentéiert, wou, bedéngt duerch déi verschidden Don'en ee klunge Minus ze verzechnen war. D'Keessekontrollere Chantal Stibbe-Bache an de Jos Hansen hunn der Trésorière eng mustergülteg Féierung vum der Keess bescheinegt. D'Josée Klein-Majerus an de Jos Hansen kontrolléieren d'nächst Joer d'Keess.

De Jean-Marie Bormann huet a sengem Rapport ee klunge Resumé gemaach iwwer d'Kollekt vum der Kleedersammlung an der Containerwuer. D'Lëscht vum de Membere fir de Wochentour, souwéi och d'Gewichter vum de Kleeder mussen opgestallt a kontrolléiert ginn.

Eis Nationalpresidentin, d'Marie-Jeanne Brauch-Klein, huet de Feelener Merci gesot fir hiren Asaaz am Joer 2015 an ee klungen Iwwerbléck ginn

iwwer déi international Projet'en. De Moment ginn a Rumänien, Ruanda, Kongo, Burkino Faso, Philippinen verschidde Chantieren ënnerstëtzt. An der Agriculture, der Medezin, dem Handwierk, souwéi och am Beräich vum der Schoul gëtt eng Hand mat ugepaakt, fir mat finanzielle Mëttelen deene Lait eng besser Zukunft ze bereeden. Eng administrativ Aarbecht, déi ganz vill Zäit an Usproch hält, an déi vum Ministère kontrolléiert gëtt.

Als läscht Riedner war et um Buergermeeschter, fir e puer Wieder un d'Versammlung ze riichten. De Fernand Mergen huet dem Kolping Feelen ee grouse Merci ausgeschwat fir déi vill benevol Aarbecht am Laf vum ganze Joer an och am Dénsgsch vum deene mannerbemëttelte Matmënschen. D'Gemeng kuckt fir dëst Joer nach déi ganz Heizungsinstallatioun nei ze amenagéieren an sou, wéi an der Vergaangenheet, eent oppent Ouer ze hunn an de Kolping weiderhi finanziell, materiell a moralesch ze ënnerstëtzen.

Déi wichtegst Datumer fir 2016: International Friddenswanderung zu Prag vum 3.-8. August, Aktioun Aalt Gezei den 23. September, d'Krëppenausstellung vum 11.-18. Dezember an de 40. Chrëschtmaart den 18. Dezember 2016.

De Komitee vum Kolping Feelen besteet aus folgende Leit: Fons Schmitz, President a Sekretär, Jeanny Berns-Ries, Trésorière, an de Membere Fernande Bormann-Kayser, Juliette Choque-Weber a Guy Hentges. Wann ee wëll bei eis am Kolping matmaachen, kann een sech bei de Komiteesleit mellen. Avis aux amateurs. Momentan sinn 28 aktiv Memberen an 1 Fräiwëllegen an der Containeréquipe am Kolping Feelen.



### Kolping Feelen

64, Rue Dudley Yves  
L-9176 Niederfeulen  
Tel.: 81 08 22  
Mail: freichel@pt.lu

# FEELENER FËSCHERKOLLEGEN 1992

## Reckbléck op d'Saison 2015



**A**m Laf vum Joer 2015 huet eise Fëscherveräin u 15 nationalen an internationalen Präisfëschchen deelgeholl. Donierwt hu mir nach 3 Klubfëschchen ofgehal. An deenen 18 Fëschchen hu mir 232010 Gramm Fësch gefangen, wat een Durchschnitt vum 2109 Gramm pro Participatioun mécht. Klubchampion 2015 ass de Braun Steve virum Steffen Mike an Aumasson Pol. Op der Musel war den dominante Fësch d'Grondel an op der Sauer konnt ee gudd Resultater mat Baarwen erzielen.

Am Veräinschampionnat vun der FLPS (Fédération Luxembourgeoise des Pêcheurs Sportifs) hu mir mat enger 6. Plaz vun 34 ofgeschloss. Mat dem Resultat si mir och de beschten Nordveräin ginn. Op der Péiteschfeier, wou de Champion Fédéral gesicht gëtt, hu mir eng gudd 4. Plaz vun 34 erreicht an op der Entente du Nord, wou de Champion vum Norden ermëttelt gëtt, si mir déi 2. ginn. Bei 15 Präisfëschchen ware mir 12 mol ënnert den Top 10 klasséiert, dovunner 4 mol um Podium an 3 mol op der 4. Plaz.

Bei deene 15 Präisfëschchen hunn eis Fëschchen an den eenzelnen Kategorien och gudd Resultater erreicht. Déi gréissten Succéeën sinn d'Sëlwermedaille an der Kategorie Senior bei der Péiteschfeier fir de Braun Steve mat 5930 Gramm, déi 2. Plaz vum Steffen Fränk an

der Kategorie Senior bei der Entente du Nord mat 9480 Gramm an den Titel vun der Championne du Nord bei der Entente du Nord an der Kategorie Dames fir d'Jeanny Strichartz mat 2400 Gramm. Am Résumé hu mir an der Kategorie Senior de Concours vun Ueschdref gewonnen, mir hunn 3 mol déi 2. Plaz beluecht, 2 mol déi 3. Plaz, 5 mol déi 4. Plaz a ware nach 5 weider Kéieren an den Top 10. Eis Veteranen hunn an hirer Kategorie 7 mol eng Top 10 Plazéierung erreicht. Bei den Dammen hu mir 3 mol gewonnen, mir sinn 2 mol 2. an eng Kéier 3. ginn.

Eis Zieler fir d' Saison 2016 sinn: Gutt Resultater op der Péiteschfeier an op der Entente du Nord, sou wéi eis gudd Plazéierung vum Veräinschampionnat ze bestätegen. International hoffe mir Enn Juli 2016 op ee gudd Ofschneiden op der Europameeschterschaft ze Almere am Lage Vaart Kanal an Holland vum Braun Steve.

Ofschléissend nach ee grouse Merci un eise Sponsor vun der Saison 2015, d' Firma Érs s.à r.l. aus Luxembourg-Gasperich.

# Nature for People

## 22. Mai 16 / 22 mai 16

Frühjahr im Tal der «Mêchelbaach» in Feulen

Treffpunkt: 09:00 Uhr, Kreuzung CR314/N21 beim Feldweg in Oberfeulen.

**Le printemps dans la vallée de la «Mêchelbaach» à Feulen**

Rendez-vous: 09h00, Carrefour CR314/N21 près du chemin agricole à Oberfeulen.

## 25. Mai 16 / 25 mai 16

Von Wiesenvögeln und Amphibien in Useldingen

Treffpunkt: 18:00 Uhr, Parkplatz bei der Kirche in Everlingen.

**Oiseaux des prairies et amphibiens à Useldange**

Rendez-vous: 18h00, parking près de l'église à Everlange.

## 26. Mai 16 / 26 mai 16

Frühjahr im «Uelzechtdall» in Bettemburg

Treffpunkt: 19:00 Uhr, vor der Kirche in Fenningen.

**Printemps dans la Vallée de l'Alzette à Bettembourg**

Rendez-vous: 19h00, devant l'église à Fennange.

## 29. Mai 16 / 29 mai 16

Architekturerbe und Dorfnatur in Kopstal

Treffpunkt: 14:30 Uhr, beim Zentrum «Wirtspesch» in Kopstal.

**Patrimoine architectural et naturel de nos villages à Kopstal**

Rendez-vous: 14h30, au Centre «Wirtspesch» à Kopstal.

## 03. Juni 16 / 03 juni 16

Tiere der Nacht in Mertzig

Treffpunkt: 22:00 Uhr, vor der Kirche in Mertzig.

**Animaux de la nuit à Mertzig**

Rendez-vous: 22h00, devant l'église à Mertzig.

## 4. Juni 16 / 4 juin 16

Tiere der Nacht in Roeser

Treffpunkt: 22:00 Uhr, vor der Kirche in Peppingen.

**Animaux de la nuit à Roeser**

Rendez-vous: 22h00, devant l'église à Peppange.

## 5. Juni 16 / 5 juin 16

Kräuterwanderung in Kayl und Rümelingen

Treffpunkt: 14:30 Uhr, Parkplatz oberhalb vom Oratorium «Léiffrächen» in Kayl.

**Excursion aux herbes sauvages à Kayl et Rumelange**

Rendez-vous: 14h30, parking au-dessus de l'Oratorium «Léiffrächen» à Kayl.

## 8. Juni 16 / 8 juin 16

Tiere im Dorf in Dülelingen

Treffpunkt: 19:00 Uhr, Parkplatz Schule «um Strutzeberg» in Dülelingen.

**Animaux du village à Dudelange**

Rendez-vous: 19h00, parking Ecole «um Strutzeberg» à Dudelange.

## 10. Juni 16 / 10 juin 16

Tiere in der Nacht in Koerich

Treffpunkt: 22:00 Uhr, Parkplatz SES in Koerich Fockemillen.

**Animaux de la nuit à Koerich**

Rendez-vous: 22h00, parking SES à Koerich Fockemillen.

## 15. Juni 16 / 15 juin 16

Renaturierungsprojekt «Waasserbaach» in Saeul

Treffpunkt: 19:00 Uhr, Anfang des Feldweges bei der n°2 Häwee in Ehner.

**Projet de renaturation «Waasserbaach» à Saeul**

Rendez-vous: 19h00, au début du près agricole près du N° 2 Häwee à Ehner.

## 18. Juni 16 / 18 juin 16

Workshop: Hausapotheke aus der Natur in Mamer

Treffpunkt: 14:00 Uhr, Festhalle 5, rue de Garnich in Holzern. Anmeldung erforderlich.

Kosten 15€.

**Atelier: Remèdes aux herbes sauvages à Mamer**

Rendez-vous: 14h00, Salle des fêtes 5, rue de Garnich à Holzern. Veuillez vous inscrire.

Frais 15€.

# People for Nature

# Nature for People

**20. Juni 16 / 20 juin 16**

**Weiher in Lasauvage**

Treffpunkt: 19:00 Uhr, bei der Kirche in Lasauvage.

**Mares à Lasauvage**

Rendez-vous: 19h00, près de l'église à Lasauvage.

**21. Juni 16 / 21 juin 16**

**Streifzug durch die Feuchtwiesen des «Boufferdanger Muer» in Käerjeng**

Treffpunkt: 18:30 Uhr, Kreuzung rue Margue / rue de Hautcharage in Fingig.

**Exploration des prés humides du «Boufferdanger Muer» à Käerjeng**

Rendez-vous: 18h30, carrefour rue Margue / rue de Hautcharage à Fingig.

**26. Juni 16 / 26 juin 16**

**Landwirtschaft und Naturschutz: Vorstellen eines**

**«Natur généissen»-Betriebs in Dippach**

Treffpunkt: 14:30 Uhr, 231, route des 3 Cantons à Dippach.

**Agriculture et protection de la nature: présentation d'une ferme participant au projet**

**«Natur généissen» à Dippach**

Rendez-vous: 14h30, 231, route des 3 Cantons à Dippach.

**02. Juli 16 / 02 juillet 16**

**Kochen mit «Natur généissen» Produkten in Sanem**

Treffpunkt: 14:00 Uhr Parkplatz place de l'Indépendance à Soleuvre. Anmeldung erforderlich. Kosten 10 €.

**Cuisiner avec des produits «Natur généissen» à Sanem**

Rendez-vous: 14h00 Parking place de l'Indépendance à Soleuvre. Veuillez vous inscrire.

Frais 10 €.

**17. Juli 16 / 17 juillet 16**

**Sommer an der Wark in Grosbous**

Treffpunkt: 14:30 Uhr, 33, rue de Bastogne in Grosbous.

**L'été dans la vallée de la Wark à Grosbous**

Rendez-vous: 14h30, 33, rue de Bastogne à Grosbous.

Die Teilnahme an den Aktivitäten ist gratis, außer für die Workshops (Preis bitte anfragen).

Eine Anmeldung ist für einige Aktivitäten erforderlich unter der Nummer **26 30 36 25** der Biologischen Station SICONA.

Unter dieser Nummer erhalten Sie auch genauere Informationen zu den Aktivitäten.

*La participation aux activités est gratuite, sauf pour les ateliers (prix sur demande).*

*Une inscription est nécessaire pour certaines activités au numéro **26 30 36 25** de la Station Biologique SICONA.*

*Veuillez vous adresser également à ce numéro pour des informations plus détaillées sur les activités.*



12, rue de Capellen L-8393 Olm  
Tel: 26 30 36 25

**Projekt unterstützt durch das Nachhaltigkeitsministerium**  
**Projet soutenu par le Ministère du développement durable**



# People for Nature

# Nature for People

Station Biologique SICONA  
SICONA-Ouest  
SICONA-Centre

## Veranstaltungsprogramm 2016 Programme d'activités

«Nature for People – People for Nature» ist eine Kampagne der Biologischen Station SICONA und der Naturschutzsyndikate SICONA-Westen und SICONA-Zentrum zusammen mit ihren Mitgliedsgemeinden. «Nature for People» bedeutet, dass die Natur für die Menschen zugänglich, erreichbar und nutzbar sein soll und damit zur Lebensqualität der Bürger beiträgt. «People for Nature» bedeutet im Gegenzug, dass die Natur durch die Menschen geschützt, kultiviert und entwickelt werden soll.

«Nature for People – People for Nature» est une campagne de la Station Biologique SICONA, du SICONA-Ouest et du SICONA-Centre en collaboration avec leurs communes membres. «Nature for People» signifie que la nature doit être accessible à tous et faire partie de leur qualité de vie. «People for Nature» signifie en contrepartie que la nature doit être protégée, cultivée et développée par l'homme.

### 18. September 16 / 18 septembre 16

#### Herbstspaziergang auf dem Reimberger Plateau in Préizerdaul

Treffpunkt: 14:30 Uhr, Parkplatz Centre Culturel «Op der Fabrik» in Platen.

#### Balade d'automne sur le plateau de Reimberg au Préizerdaul

Rendez-vous: 14h30, Parking Centre Culturel «Op der Fabrik» à Platen.

### 25. September 16 / 25 septembre 16

#### Kräuterwanderung in Reckange/Mess

Treffpunkt: 14:30 Uhr, Parkplatz «Auto-pedestre», Straße CR178 zwischen Reckange/Mess und Roedgen.

#### Excursion aux herbes sauvages à Reckange/Mess

Rendez-vous: 14h30, parking «Auto-pedestre», rue CR178 entre Reckange/Mess et Roedgen.

### 28. September 16 / 28 septembre 16

#### Kulinarisches aus dem Bongert in Kehlen und Strassen

Treffpunkt: 18:30 Uhr, Biologische Station 12, rue de Capellen in Olm. Anmeldung erforderlich. Kosten 10 €.

#### Le verger gourmand à Kehlen et Strassen

Rendez-vous: 18h30, Station Biologique 12, rue de Capellen in Olm. Veuillez vous inscrire. Frais 10 €.

### 09. Oktober 16 / 09 octobre 16

#### Pilzexkursion in Redingen/Attert

Treffpunkt: 14:00 Uhr, Parkplatz „bei der Kirche in Redingen. Anmeldung erforderlich.

#### Excursion aux champignons à Redange/Attert

Rendez-vous: 14h00, parking près de l'église à Redange. Veuillez vous inscrire.

### 16. Oktober 16 / 16 octobre 16

#### Pilzexkursion in Bartringen

Treffpunkt: 14:00 Uhr, Großer Parkplatz beim Centre/Attert in Bartringen. Anmeldung erforderlich.

#### Excursion aux champignons à Bertrange

Rendez-vous: 14h00, grand parking du Centre/Attert. à Bertrange. Veuillez vous inscrire.

# People for Nature

# Nature for People

**22. Oktober 16 / 22 octobre 16**

**Workshop: Herbstdekorationen aus Naturmaterialien in Mondercange**

Treffpunkt: 14:00 Uhr, A. Bosselesch 1, rue de Limpach in Mondercange. Anmeldung erforderlich. Kosten 10 €.

**Atelier: Décorations d'automne en matériaux naturels à Mondercange**

Rendez-vous: 14h00, A. Bosselesch 1, rue de Limpach à Mondercange. Veuillez vous inscrire. Frais 10 €.

**23. Oktober 16 / 23 octobre 16**

**Herbst bei den Wäldern und Weihern von «Akscht» in Vichten**

Treffpunkt: 09:00 Uhr, beim Wasserbecken am Ende der Straße Kreuzberg in Vichten.

**L'automne à travers mares et forêts à «Akscht» à Vichten**

Rendez-vous: 09h00, près du bassin d'eau à la fin de la rue Kreuzberg à Vichten.

**12. November 16 / 12 novembre 16**

**Obstbaum-Schnittkurs in Péttingen**

Treffpunkt: 09:45 Uhr, Kulturhaus «A Rousen» place du Marché in Péttingen. Anmeldung erforderlich.

**Cours de taille pour arbres fruitiers**

Rendez-vous: 09h45, Maison de la Culture «A Rousen» place du Marché à Pétange. Veuillez vous inscrire.

**19. November 16 / 19 novembre 16**

**Workshop: Weihnachtsbasteln mit Naturmaterialien in Garnich**

Treffpunkt: 14:00 Uhr, Saal «Am Keller» 3, rue de l'école à Dahlem. Anmeldung erforderlich. Kosten 10 €.

**Atelier: Décorations de Noël en matériaux naturels à Garnich**

Rendez-vous: 14h00, Salle «Am Keller» 3, rue de l'école à Dahlem. Veuillez vous inscrire. Frais 10 €.

Die Teilnahme an den Aktivitäten ist gratis, außer für die Workshops (Preis bitte anfragen).

Eine Anmeldung ist für einige Aktivitäten erforderlich unter der Nummer **26 30 36 25** der Biologischen Station SICONA.

Unter dieser Nummer erhalten Sie auch genauere Informationen zu den Aktivitäten.

*La participation aux activités est gratuite, sauf pour les ateliers (prix sur demande).*

*Une inscription est nécessaire pour certaines activités au numéro **26 30 36 25** de la Station Biologique SICONA.*

*Veuillez vous adresser également à ce numéro pour des informations plus détaillées sur les activités.*



12, rue de Capellen L-8393 Olm  
Tel: 26 30 36 25

**Projekt unterstützt durch das Nachhaltigkeitsministerium**  
**Projet soutenu par le Ministère du développement durable**



# People for Nature

## Service d'Accompagnement et de Logement



### Dir wëllt Är Wunneng verlounen – Är Avantagen : Mir sinn interesséiert.

**Dir sidd Proprietär vun engem Haus oder Appartement, wat Dir verloune wëllt an de Gemengen\* vum Office Social Nordstad ?**

**Dir sicht e Partner, deen de Respekt vun Ärer Proprietéit garantéiert ?**

**Den Office Social Nordstad kéint dëse Partner firlech sinn.**

\*d'Gemengen Ettelbréck, Dikrech, Ierpeldeng un der Sauer, Colmer-Bierg, Schieren, Bettenduerf, Mäerzeg, Feelen a Buurschent.

### Interesséiert? Kontaktéiert eis.

Tel. : 268191-394  
(Méindes nomëttes, Dënsdes, Donnesdes a Freides moies)

Weider Informatiounen :  
[www.osnos.lu](http://www.osnos.lu) -> Rubrik « Service Logement »

Facebook Säit : [www.facebook.com/salnordstad/](https://www.facebook.com/salnordstad/)

- Dir kritt all Mount Äre Loyer vun eis bezuelt.
- Mir garantéieren, als Locataire, den Entretien vun Ärer Proprietéit « en bon père de famille ».
- Mir garantéieren de regelméisseg Suivi vum Sous-Locataire, dee mir fir Är Wunneng erausgesicht hunn.
- Mir schléissen eng Assurance of, déi den « risque locatif » couvréiert.
- Dir musst an Zukunft keng Taxe bezuelen, well Är Wunneng eidel steet.
- Dir drot dozou bäi, dem Mangel u bezuelbare Wunnengen hei zu Lëtzebuerg entgéintzewierken an erméiglecht enger Famill en Dag iwwert dem Kapp ze hunn.

## Service d'Accompagnement et de Logement



### Louer votre immeuble? C'est facile. Vos avantages :

Vous êtes propriétaire d'une maison ou d'un appartement à location dans une des communes\* de l'Office Social Nordstad ?

Vous recherchez un partenaire qui est le garant du respect de votre propriété ?

L'Office Social Nordstad pourrait représenter ce partenaire pour vous.

*\*les communes d'Ettelbruck, Diekirch, Erpeldange-sur-Sûre, Colmar-Berg, Schieren, Bettendorf, Feulen, Mertzig et Bourscheid.*

- Nous garantissons le paiement mensuel du loyer convenu.
- Nous garantissons, comme locataire, l'entretien de votre propriété en « bon père de famille ».
- Nous assurons le suivi régulier du sous-locataire choisi par nos soins.
- Nous concluons une assurance qui couvre le risque locatif.
- Vous n'êtes pas sanctionné(e) par de futures taxes pour un logement inhabité.
- Vous contribuez à combler la pénurie en logements abordables au Luxembourg et permettez à une famille de vivre sous un toit.

### Intéressé(e) ? Contactez-nous.

Tél. : 268191-394  
(lundi après-midi, mardi, jeudi et vendredi matin)

Plus d'informations :  
[www.osnos.lu](http://www.osnos.lu) -> Rubrique « Service Logement »  
Facebook: [www.facebook.com/salnordstad/](https://www.facebook.com/salnordstad/)

# MANIFESTIOUNSKALENNER CALENDRIER DES MANIFESTATIONS

## JUNI

05.06.2016

### **Summerconcert zu Ettelbréck**

Feelener Musek

05.06.2016

### **Familjefest + Thé Dansant**

LCGB - Hennesbau

11.06.2016

### **Barragemächer + Grillfest**

Badminton - Sportshal

19.06.2016

### **Gaardefest am Paschtouechhaff**

Chorale Ste Cécile - Uewerfeelen

22.06.2016

### **Fackelzuch a Bal populaire**

Virowend vum Nationalfeierdag - Hennesbau

23.06.2016

### **Nationalfeierdag**

25.06.2016

### **Rasi-Cross & Bal**

F.C.Union Sportive Feelen - Uewerfeelen

25.06.2016

### **Hämmelsmarsch a Concert**

Feelener Musek an Déi Jonk vu gëschter  
Schoulhaff Uewerfeelen

25.06.2016

### **Nationalen Jugendpompjees-Concours**

Pompjeeën Feelen - Terrain de Football Feelen

26.06.2016

### **Rasi-Cross**

F.C.Union Sportive Feelen - Uewerfeelen

26.06.2016

### **Uergelconcert**

Feelener Uergelfrënn - Parkierch

26.06.2016

### **Kiermes Uewerfeelen**

## JULI

09.07.2016

### **Concert um Duerffest zu Heeschdref**

Feelener Musek

09.07.2016 an 10.07.2016

### **Sprangturnéier**

F.C. Union Sportive Feelen - Feelenerhecken

13.07.2016

### **Summerfest zu Birden**

Club Senior Nordstad

15.07.2016

### **Schoulfest**

Schoulhaff

17.07.2016

### **Marche populaire**

Feelener Sekuristen & Wanderfrënn - Hennesbau

30.07.2016

### **Hämmelsmarsch**

Feelener Musek - Welschent

31.07.2016

### **Kiermesconcert**

Feelener Musek - Welschent

## AUGUST

15.08.2016

### **Liichterprozessiou**

Kolping - Grotte/Pompjeeschoul

20.08.2016

### **Kiermesbal**

Nidderfeelener Jongen - Schoulhaff Nidderfeelen

20.08.2016

### **Hämmelsmarsch a Kiermesconcert**

Feelener Musek - Schoulhaff Nidderfeelen

21.08.2016

### **Kiermes Nidderfeelen**

28.08.2016

### **Summerfest Centre Turelbach**

Fraën a Mammen Feelen/Mäerzig - Mäerzeg

## SEPTEMBER

15.09.2016

### **Café/Croissant**

Elterevertrieder Feelen - Schoulhaff Nidderfeelen

23.09.2016

### **Kleedersammlung**

Kolping

## OKTOBER

01.10.2016

### **Museksfest**

Feelener Musek - Hennesbau

01.10.2016 an 02.10.2016

### **Haalen-Reit-Turnéier**

F.C. Union Sportive Feelen  
Feelener Hecken

16.10.2016

### **Hierschtfest**

Pompjeeën Feelen - Pompjeesbau

16.10.2016

### **Uergelconcert**

Feelener Uergelfrënn - Parkierch

30.10.2016

### **Nationalen Tournoi**

DT95 Feelen - Sportshal

## NOVEMBER

05.11.2016

### **Bal**

Arbitres du Nord - Hennesbau

19.11.2016

### **Hierkenowend**

Nidderfeelener Jongen - Hennesbau

26.11.2016 an 27.11.2016

### **Theater**

Feelener Musek - Hennesbau

## DEZEMBER

03.12.2016

### **Theater am Hennesbau**

Feelener Musek

04.12.2016

### **Theater am Hennesbau**

Feelener Musek - Hennesbau

04.12.2016

### **De Kleeschen kënnt**

Kaffisstuff - Sportshal / Musekssall

11.12.2016 bis 18.12.2016

### **Krëppenausstellung**

Kolping - Hennesbau

18.12.2016

### **40. Krëschtmaart**

Kolping - Hennesbau





**Redaktiounsschluss fir déi nächst Éditoun:  
15. September 2016**

**Hutt Dir Fotoen oder Texter fir an déi nächst Ausgab vum Louschlüssel?  
Hutt Dir Ureegungen zu dëser Ausgab?**

D’Kulturkommissioun kënnt Dir per Mail ënnert enger vun den folgenden Adressen erreechen:  
viviane.reinartz@education.lu - polkoetz@pt.lu - secretariat@feulen.lu

**| IMPRESSUM |**

Réalisation: Kulturkommissioun

Éditeur: Gemeng Feelen

Layout: Art & Wise s.à r.l.

Drock: Reka s.a.

Merci all deene Leit, déi eis hir Fotoen a soss Material zur Verfügung gestallt hunn.

## **| INHALTSVERZEICHNIS |**

- 1.** Editorial
- 2.** Conseil Communal  
Rapport de la séance du 15 janvier 2016  
Gemeinderat  
Bericht der Sitzung vom 15. Januar 2016
- 8.** Rauchmelder für jedes neugeborene Kind der Gemeinde Feulen  
La commune de Feulen offre un détecteur de fumée à chaque nouveau-né(e).
- 9.** Rappel Zone 30
- 10.** Container für Glas & Altkleidung  
Conteneurs de récupération du verre & vieux vêtements
- 11.** Garten- und Werkarbeiten  
Travaux de jardinage et de bricolage
- 12.** Vandalismus und illegale Abfallentsorgung in unserer Gemeinde  
Vandalisme et dépôt illégal d'ordures sur le territoire communal
- 13.** 11. Relais pour la vie
- 14.** Journée du grand-âge an der Gemeng Feulen
- 15.** 90 Joer  
D'Madame Léonie Philippe-Mergen krut 90 Joer
- 16.** Naissances / Mariages / Décès 2015
- 18.** Grouss Botz 2016
- 19.** Schulkinder aus Feulen spenden 1.350 €
- 20.** Fraen a Mammen Feulen-Mäerzeg spenden
- 20.** Pompjeeën Feulen spenden
- 21.** "Kolping Feulen" spendet 5.000 € an "De Leederwon asbl"
- 22.** Ausfluch vun der Kulturkommissioun op Brugge
- 24.** Spillplazen zu Feulen
- 27.** Fréijoersimpressiounen aus der Gemeng Feulen
- 28.** Feelener Musek stellt sech vir
- 36.** Bicher déi op der Gemeng verkaaft ginn
- 37.** Erfollegräich Krëppenausstellung vum "Kolping Feulen"
- 38.** Hierschtfest vun den Pompjeeën Feulen
- 39.** Gemeinschaftsübung Pompjeeën Feulen a Mäerzeg
- 40.** Caeciliendag 2015 - Chorale Feulen
- 40.** Feelener Musek: UGDA Auszeichnungen
- 41.** Generalversammlung "Déi Jonk vu Gëschter Feulen"
- 42.** Réckbléck an d'Zukunft mam Cabarenert
- 44.** Love is in the air concert
- 46.** Galaconcert Fanfare Feulen
- 48.** Erstes regionales Seniorenkonvent Nordstad
- 50.** Generalversammlung vum Kolping Feulen  
10.000 € fir 2 Klassenäill fir d'Schoul  
"Ecole de Bertin" op Haiti
- 51.** Feelener Fëscherkollegen 1992  
Reckbléck op d'Saison 2015
- 52.** Sicona
- 56.** Service d'Accompagnement et de Logement
- 58.** Manifestiounskalenner  
Calendrier des manifestations



